N°61
Entrée le 22.12.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der Madamm Elisabeth Margue, Delegéiert Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, an der Madamm Martine Hansen, Ministesch fir Konsumenteschutz, op d' parlamentaresch Fro N° 61 vum 29. November 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen**

Déi gesetzlech Basis huet sech zanter der QP N°1662 vum 7. Januar 2020 an der QP N°4842 vum 12. August 2021 mam Akraafttriede vum Gesetz vum 17. Dezember 2021 iwwer elektronesch Kommunikatiounsnetzwierker a Servicer ("loi du 17 décembre 2021 sur les réseaux et les services de communications électroniques") geännert.

Déi nei Bestëmmunge féiere Moossnamen an, déi et dem Konsument erlaben, seng Ausgabe besser ze kontrolléieren.

Esou gesäit den Artikel 113, am Paragraf 5 a 6, vir, datt den Telekommunikatiounsoperateur dem Konsument eng Funktioun (wei z.B. eng App) offréiere muss, déi et him erlaabt säi Konsommatiounsniveau ze suivéieren.

Ausserdeem muss de Konsument notifiéiert ginn, wann ee bestëmmte Seuil vu sengem Forfait erreecht gëtt. An dësem Kontext huet den Institut Luxembourgeois de Régulation (ILR) am Reglement ILR/T23/10 dëse Seuil op 80% fixéiert.

Wann de Konsument 50 EUR iwwert sengem Forfait ass, muss den Telekommunikatiounsoperateur dem Konsument all verfügbar Mëttele kommunizéieren, déi eng temporär Spär oder Verhënnerung vun enger weiderer Notzung erméiglechen.

Déi nei Bestëmmunge vum Gesetz a vum Reglement vum ILR stäerken also d'Informatioun an de Schutz vum Konsument.

Dës Servicer kënne vum Operateur gratis offréiert ginn, mä mussen et net. Dat gëllt och fir d'Méiglechkeet vun der Spär, wann een seng Limitt erreecht huet. D'Regierung ass der Meenung, dass dëst ze vertrieden ass, well de Konsument selwer d'Méiglechkeet huet fir säi Verbrauch ze suivéieren.

Lëtzebuerg, den 22ten Dezember 2023

Delegéiert Ministesch beim Premierminister

fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth Margue

5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg
Tél. (+352) 247-72012
Fax (+352) 247-92015
info@mediacompublic.lu
www.gouvernement.lu/smc
www.luxembourg.lu